

ler mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour kommen, géif ech lech wëllen dorop opmierksam maachen, datt mer duerno och nach d'Diskussioun an de Vote iwwer zwou Motioune wäerte maachen: eng Motioun vum Här Meisch iwwert d'ADEM an eng aner Motioun vum Här Huss iwwer eng Journée internationale contre l'homophobie.

Als nächste Punkt vun eisem Ordre du jour hu mer elo de Projet de loi 5940 iwwert d'Rehabilitatioun vun den hydroelekteschen Installatiounen zu Rosport. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo schonn ageschriwwen: déi Häre Wagner, Diederich a Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Lucien Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.



4. 5940 - Projet de loi concernant la réhabilitation des installations hydroélectriques de Rosport et la mise en conformité de la continuité de la Sûre à Rosport

Rapport de la Commission des Travaux publics

» M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 21. Oktober 2008 huet de Bautemистер Claude Wiseler de Projet de loi concernant la réhabilitation des installations hydroélectriques de Rosport et la mise en conformité de la continuité de la Sûre à Rosport hei an der Chamber déposéiert. Wéi et üblech ass, louch dem Text en Exposé des motifs bäi souwéi en Devis estimatif, eng Fiche financière a selbstverständlech och Pläng iwwert de Projet selwer.

De 17. Februar 2009 huet de Statsrot säin Avis dozou ofginn, an ech huelen elo näischt virewech, wann ech soen, datt déi héich Kierperschaft kee Problem mam Text huet a folglech och hiren Accord derzou ginn huet.

Den 10. November 2008 sinn ech du vun der Bautekommissioun zum Rapporteur vun deemem Projet ernannt ginn. D'parlamentaresch Kommissioun huet an hire Sitzung vum 9. März 2009 de Projet wéi och den Avis vum Statsrot analyséiert. Eppes weider wéi zwou Woche méi spéit, de 26. März, hunn d'Membere vun der Kommissioun de Rapport ugeholl.

Souwäit, Här President, den administrativen Deel.

Ech wëll awer elo dese Projet, dee wierklech immens technesch ass, probéieren a mengem Exposé esou kuerz an iwwersiichtlech wéi méiglech ze halen. Dat soll awer dofir net heeschen, datt de Projet net wichteg wär, mä ech denken, datt sech d'Qualitéit vun esou engem Bauprojet net onbedéngt un der Längt oder un der Komplexitéit vum Rapporteur senger Ried moosse léisst.

Duerch dee virleiende Projet kritt d'Regierung d'Erlaabnis, engersäits déi hydroelektesch Installatiounen zu Rouspert ze moderniséieren an anerersäits d'Mise en conformité vun der Kontinuitéit vun der Sauer zu Rouspert ze realiséieren.

Erlaabt mer, datt ech mat engem kuerze Réckbléck heizou ufänken. D'Anlagen zu Rouspert sinn tëschent 1957 an 1960 gebaut ginn an notze fir hir Aktivitéiten e Gefäll vun der Ënnersauer aus, e Gefäll, dat entstanen ass duerch d'Offänke vun enger Kéier vu fënnef Meter Längt, e mobile Barrage an dem Ausbaggere vum Sauerbett ënnert der Fabrik.

Vu senger Entstehung u bis zum Joer 2000 war d'Produktioun vun der Énergie hydraulique vum Wierk brutto eng 1.036 Gigawatt. An de leschte Jore sinn an der Moyenne 27.500 Megawatt netto pro Joer elei produzéiert ginn.

Dir wësst alleguerten, datt op där Plaz d'Sauer d'Grenz zu Däitschland ass. Eng Konventioun mat Däitschland, déi 1950 ënnerschrift ginn, huet Lëtzebuerg d'Méiglechkeet ginn, esou e Waasserkraaftwierk ze bauen an dann och ze exploitéieren. D'Responsabilitéit an d'Surveillance an den Entretien ënnerleien der Kompetenz vu Ponts et Chaussées.

Säit d'Waasserkraaftwierk a Betrib geholl ginn ass, dat heescht säit 50 Joer, goufen ausser e puer Reparature keng gréisser Aarbechten drun ënnerholl. Am Moment ass dat Ganzt awer an engem relativ schlechten Zoustand, haaptsächlech den Abschnitt ënnerhalb dem Waasserzoulaf. Aus deem Grond sinn dann och Etüde gemaach ginn, déi de Gesamtzoustand vum Site Rouspert analyséiert hunn, och fir eng Evaluatioun vun de Conditions d'exploitation souwéi vun der Sécherheet kënnen ze maachen.

Da kommen ech zu den elektrohydraulischen Installatiounen. De Sanéierungsprojet, deen elo opgrond vun de Resultater vun deesen Etüden ausgeschafft ginn ass, gesäit d'Ofdichtung vum Zoulafkanal a Richtung Kraaftwierk vir, well hei déi néideg Stabilitéit net méi garantéiert ass.

Fir de Problemer vun den Oflagerungen am Réckhalbecken entgéintzewierken, ass eng regelméisseg Entschlammung virgesinn. Dat geschitt doduerch, datt d'Vitesse vum Oflaf vun der Sauer zäitweilleg erhéicht gëtt. Heiduerch gëtt d'Erosiounskraaft vun der Sauer zolidd erhéicht, wat de prakteschen Nieweneffet vun enger - wann och, soen ech emol, minimaler - Héichwaasserschutzmoosnam huet. Am Kloertext heescht dat: Do wou keng Oflagerunge vu Schlamm, Sand a Steng am Réckhalbecke sinn, do ass dann u sech och méi Plaz fir Waasser.

Och déi zwou Brécken iwwert den Zoulafkanal ginn erëm an d'Rei gesat. Zudeem muss d'Alafbauwerk an der Entrée vun dem Kanal nei gebaut ginn, an d'Pompelstatioun bei der Rousperter Grenzbréck muss sanéiert ginn. Och dat dréit derzou bäi, fir e Réckstau am Fall vun Héichwaasser an de Kellere vun den Haiser ze vermeiden. Och des Pompelstatioun huet 50 Joer um Bockel an hiert Fonctionnéieren ass schonns vun enger grousser Wichtigkeet fir déi Haiser, déi ronderëm do leien.

Am Stau selwer ginn e puer méi kleng Aarbechten néideg, gradesou wéi um Wierk selwer. Zudeem ginn nach Zoufahrsstroossen an d'Sécurisatioun vum Zoulafkanal frësch gemaach. Fir den Zoustand vun den Infrastrukture während an no den Aarbechten ze kontrolléieren, gëtt en neien Iwwerwaachungssystem elei mat ageriicht.

Dann nach d'Mise en conformité vun der Kontinuitéit vun der Sauer selwer. Des Aarbechte bestinn haaptsächlech an der Instandsetzung vum bestehende Fëschpassage op der Héicht vum Haaptbarrage, an zwar mat dem Bau vun deem neie Fëschpassage rietser Hand vum Kraaftwierk.

Zousätzlech weider Moosname si virgesinn, fir d'Eilen - dat, Här President, ass och eng Fëschaart, fir déi, déi dat net wëssen - besser ze schützen an déi an hire Wandlungen an aner Gewässer a Flëss ze ënnerstëtzen.

Schlussendlech gëtt eng nei zousätzlech Turbin um Haaptbarrage aménagéiert, fir ze hëllefen, de Waasserniveau esou ze reguléieren, an domadder d'Konditiounen fir des Fëschmigratiounen ze verbessern.

Dës Mise en conformité ass am Kader vum neie Waasserkadegesetz ze gesinn, déi jo e gudden Zoustand vun eise Gewässer bis 2015 virgesäit. Et ass virgesinn, déi dréngend Aarbechten esou séier wéi méiglech ze realiséieren. Fir datt dat awer ka geschéien, muss den Zoulafkanal eidel lafe gelooss ginn, an dat soll tëschent Fréijoer an Hierscht geschéien.

Sou, denken ech, hunn ech lech genuch mat techneschen Detailer geplot, an dowéinst kommen ech dann och zum Schluss vu mengem dach, géif ech soen, kuerzen Exposé heieriwwer.

Här President, erlaabt mer awer nach kuerz op eppes ganz Wichteges, an net dat Onwichtigst, anzegoen, an zwar de Präis vun deser ganzer Entreprise. Et gëtt gerechent mat engem Präis an der Héicht vu 16,1 Milliounen Euro. De jährlechen Ënnerhalt an d'Frais de consommation wäerte sech op ronn 210.000 Euro belafen.

Dësen Text, Här President, wäert ee vun deene leschte Projets de loi an där finanzieller Envergure sinn, déi d'Chamber heibanen esou an deser Form stëmme wäert. De Grond dofir ass, datt mir eis heibannen an enger vun den nächste Sitzung mat engem Text befaassen, dee virgesäit, datt de Seuil, wou e Projet de loi muss élaboréiert ginn, vu 7,5 Milliounen op 40 Milliounen eropgesat gëtt, sou datt déi hei Aart vu Projet de loi an nächster Zukunft net méi hei an deser Form wäert debattéiert ginn.

Dësen Text ass awer e wichtige Projet, virun allem ass et e wichtige Projet fir d'Regioun lechternach/Rouspert. Ech bieden dann och d'Chamber, deesen Text esou ze stëmmen, wéi en lech elo virläit.

Dat gesot, Här President, soen ech Merci fir d'Nolauschteren, a selbstverständlech ginn ech zum Schluss och nach den Accord vun der CSV-Fraktioun.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Ech soen dem Här Rapporteur Clement fir säi mëndleche Rapport Merci. Als éischte Riedner ass den Här Carlo Wagner agedroen. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» M. Carlo Wagner (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Alleréisch emol meng Félicitatioun un de Rapporteur, den honorabelen Här Lucien Clement, fir säin exzellente schrëftleche Rapport an awer och säi mëndleche Virtrag. E war esou explizit, dass et mir erlaabt, fir nëmme ganz kuerz hei op de wichtige Projet de loi anzegoen.

Dee virleiende Projet de loi huet also zwee Voleten. Éischstens emol d'Astandsetzung vun där Anlag, déi zwëschent 1957 an 1960 gebaut ginn ass. Et ass normal, dass d'Bauwierk weinst Iwweralterung muss opgefërcht ginn an och d'Mechanik muss erneiert ginn, ganz einfach well se ofgenotzt an ausgeleiert ass.

Et däerf een net aus den Ae verléieren, dass d'Zentral vu Rouspert ëmmerhin ëm déi 30% vun där zu Lëtzebuerg produziierter erneierbarer Energie ausmécht. Grad an deenen Zäiten, an deenen d'Energiefro ëmmer méi wichteg gëtt an d'Roll vun den erneierbaren Energien ëmmer méi zouhëlt, ass dëst och eng wichteg Zukunftsfo fir eist Land.

Eise Potenzial, wat d'Produktiounen vun erneierbaren Energien ugeet, ass net esou immens grouss. Mir kënnen aus bekannten Ursache keng honnerte vu Wandmillen um Mier opriichten oder awer riseg Fotovoltaikanlagen an der Wüst opriichten.

(Interruption)

Wa mir awer d'Produktioun...

Dir sot mer dann, wou déi Wüst hei zu Lëtzebuerg ass, Här Mehlen.

(Hilarité et interruptions)

Wa mir awer d'Produktioun vun erneierbaren Energie wëlle promouvéieren, dann ass d'Modernisatioun vun där Zentral vu Rouspert e richtigen a wichtige Schrëtt an domadder och eng absolut richtig Investitioun an d'Zukunft.

» Une voix.- Très bien!

» M. Carlo Wagner (DP).- Deen zweete Volet vum virleienden Text besteet doranner, dass de Waasserlaf vun der Sauer esou konzipéiert gëtt, dass e konform zu den Dispositiounen vun der europäescher Waasserschutzdirektiv ass, déi mer virun e puer Méint no laangen Diskussiounen endlech transposéiert hunn. Domadder kritt dese Projet, wann een dat kann esou soen, och eng europäesch Dimensioun.

Grad wéi d'Leit innerhalb vun Europa fräi kënnen zirkuléieren, mussen och d'Fësch innerhalb vun der Unioun fräi kënnen hin an hier schwammen. Dëst bedéngt eng Rei Upassungen un déi verschidden, also vun de verschiddenen Ouvragé wéi zum Beispill d'Ariichte vu Fëschbrécken, déi et de Fësch erméiglechen, eng Staustuf ze passéieren.

Wann d'Natur sech wiert, huet dat Konsequenzen. Och wann ee se vläicht net ëmmer direkt gesäit oder spiert. D'Versandung an d'Ofsetze vu Geröll hunn en Afloss op de Waasserspiegel. Dofir müssen hei d'Kontrollmechanismen efficacement fonctionnéieren, fir deemem Phänomeneen an dem Héichwaasser virzeweichen.

Bedauerlech ass, dass alt nees eng Kéier vill Zäit vergaangen ass, éier dese Projet konnt d'Chamber passéieren. Et ass ze hoffen, dass an Zukunft bei esou Projete vläicht méi virausschauend geplangt an awer och geschafft gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt just des puer Punkten ervirhiewen a gi selbstverständlech den Accord vun der Demokratescher Partei zu deemem wichtige Projet a soe Merci fir d'Nolauschteren.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Ech soen dem Här Wagner Merci fir seng Interventioun. Als nächste Riedner ass den Här Fernand Diederich agedroen. Här Diederich, Dir hutt d'Wuert.

» M. Fernand Diederich (LSAP).- Här President, ech hat mech ageschriwwen fir den Här Scheuer ze ersetzen. Datt et net einfach war, mä ech hunn elo ganz genau

nogelauschtert, dem Rapporteur, a säi Rapport, dee war ganz prezis an och komplett. Ech mengen, och mir als Partei si vun der Noutwendegkeet vun den Aarbechten zu Rouspert iwwerzeegt. An ech géif domat och den Accord vun eiser Fraktioun ginn.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Da soen ech och dem Här Diederich Merci. Als leschte Riedner ass den Här Mehlen agedroen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

» M. Robert Mehlen (ADR).- Merci, Här President. Och mengersäits Merci dem Rapporteur. Dir hutt héieren, datt dee Projet hei zwee Aspekter huet. Deen een ass deen, fir d'Anlagen astand ze setzen, nodeem datt esou laang net vill dru gemaach ginn ass.

Ech wëll och vu menger Säit aus den Aspekt vun den erneierbaren Energien ënnersträichen. Mir hunn esou vill Méiglechkeeten hei am Land fir d'Waasserkraaft ze notzen. Déi Rousperter Anlag stellt an deem Zesummenhang schonn eng wichteg Installatioun duer, déi mer sollen erhalen, déi mer och sollen effikass erhalen.

Mir hunn erkläert kritt, datt den Zoulaf net méi ganz dicht ass. Dat heescht, datt ënnerwee en Deel Waasser versickert, wat och d'Stabilitéit vum Kanal a Fro stellt. Duerfir ass et och absolut noutwendeg, datt déi Aarbechten hei gemaach ginn.

Et gëtt och Bestëmmungen, déi se obligéieren, fir méi Waasser duerch den ale Waasserlaf oflafen ze loossen. Dat heescht, mir hunn net méi esou vill Waasser wéi an der Vergaangenheet zur Verfügung, fir Elektesch ze produzéieren. Mir stellen duerfir mat Satisfaktioun fest, datt probéiert gëtt, am Barrage oder beim Barrage selwer awer och dat Waasser, wat mer méi musse lafe loossen, fir et emol esou auszedrücken, fir och dat energetesch ze notzen doduerch, datt geplangt ass, eng zousätzlech Turbin op där Plaz anzebauen.

Souwäit dozou. Deen aneren Aspekt ass dee vun der Verschlammung.

Här President, ech muss soen, ech fannen et wierklech scho skandaléis, wat do geschitt ass, datt zënter 50 Joer sech kontinuierlech do gewaltig Oflagerunge gebilt hunn an deem ganze Staubecken an datt einfach ni eppes an deem Sënn do ënnerholl ginn ass. An datt mer elo dostinn a soen, datt sinn esou Quantitéiten, dat kréie mir iwwerhaupt praktesch net bewältigt oder et ass bal net ze bezuelen, fir dat alles erauszehuelen, a mir wëssen net, wou mer et sollen hiféieren.

Elo ass sech dann eng sougenannt intelligent Léisung afale gelooss ginn. Dat heescht, zu bestëmmte Momenter soll d'Waasser da méi séier lafe gelooss ginn, an dat géif dann en Dévasage - ech hunn den Text elo net hei mat op d'Tribün bruecht -, mä soi-disant automatique do no sech zéien. Et steet och nach am Rapport, dat wär effikass.

Här Minister, ech soen lech, ech si fest iwwerzeegt - ech si kee Spezialist doran -, ech si fest iwwerzeegt, datt dat do net effikass ass. Datt et op Plazen, wou d'Waasser méi séier leeft, e bësse Buedem ofdréit, oder wat sech dann och ëmmer do ofgelagert huet, dat mag sinn. Mir wëssen awer, datt, wa richtig Héichwaasser ass, och wa mer de Barrage ganz erofsenken oder ganz no uewe klappen, datt d'Waasser ka richtig oflafen, dann hu mer Réckstau, soss géif sech jo net esou vill ofsetzen. A mir kréien net déi Geschwëndegkeet dodran, déi et wierklech géif mat sech bréngen, datt dat, wat sech fest ofgelagert huet, sech dann op eng Kéier géif opléisen a mat ofschwammen. Ech si gär bereet,... Probéiert et, awer ech géif lech bal all Garantie ginn, datt et net esou fonctionnéiert, wéi et geplangt ass.

Mir komme menger Meenung no net derlaanscht dann, och mat Rücksicht op déi Leit, déi do wunnen,... Deemoools d'Iwwerschwemmungskatastroph zu Steenem, dat ass wierklech schonn net esou ohne gewiescht. Dat ass héchstwahrscheinlech drop zrëckzeféieren, datt ënnen u Steenem awer den Offloss vun der Sauer gebremst ass doduerch, datt effektiv e groussen Deel vun deem Bett do einfach zougeschlammmt ass.

Ech kann och net, wann een dat hydrologesch kuckt, dru gleewen, datt, wann een elo en Deel do ewechhëlt, wann een den Offloss net richtig fräi mécht, dee Réckstau-effekt soll duerch déi Mesure do esou ofgeschwächt ginn, datt et net méi, wann nach eng Kéier esou vill Waasser géif matenee kommen, zu enger Iwwerschwemmungskatastroph an deem neien Deel vu Steenem géif kommen.

Ech wëll bei där Geleeënheet, Här Minister - dat betrëfft awer da vläicht éier Äre Kolleeg, dee fir d'Waasser an deen anere fir d'Ëmwelt zoustänneg ass -, soen, datt mir ganz fir preventiv Iwwerschwemmungsmoossname sinn, déi awer manner an de Waasserleef musse gemaach ginn, well do drainéiere mer de Problem ëmmer nëmme vun enger Plaz op déi aner weider, mä datt mer musse wierklech do, wou déi grouss Surface sinn, probéiere mat klengen, einfachen, natierleche Rückhaltebecken den Ofloss vum Reewaasser, wa mer es dann eng Kéier ganz vill beienee kréien, ze verzögeren.

Mir hunn ewell x-mol an deem Sënn intervenéiert. Wahrscheinlech wäert dat och eréischt dann erëm en Thema sinn, wa mer déi nächst Iwwerschwemmungskatastroph hei am Land hunn. Dat wär ze bedauern.

Dat gesot, wëll ech den Accord vun eisem Grupp zu dësem Projet de loi bréngen.

Ech soen Iech Merci.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Ech soen dem Här Mehlen Merci. Elo huet d'Regierung d'Wuert. De Bauteminister Claude Wiseler.

» M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics*.- Merci, Här President. Ech soen och all deene Fraktiounen, déi hei geschwat hunn, Merci fir d'Zoustëmmung zu deem Projet.

Ech wëll net op déi Froe respektiv déi Remarquen agoen, déi den Här Mehlen elo nach gemaach huet, well déi ganz technesch Diskussioun, déi Der ugeschwat hutt, eng Diskussioun war, déi mer jo och an der Chamberskommissioun haten. Wou d'Experte soen - déi déi Method hei gekuckt hunn, respektiv och déi, déi déi aner Methoden, déi nach méiglech waren, dee mechaneschen Dévasage, wéi een dat dann nennt, gekuckt hunn - op Basis vun deene Rapporten, datt dat hei eng Moosssnam wär, déi effikass ass, déi ka fonctionnéieren, déi och finanziell avantagéis ass an déi aus deem Grond gewielt ginn ass.

Ech denken, ech hoffen, datt Dir dann net Recht hutt mat deene Bedenken, datt mer mat deene Methoden, déi mer hei proposéiert hunn, och derduerch kommen. Op jidde Fall ass et kloer, datt déi Ëmbauten, déi hei proposéiert sinn, wichteg sinn, datt och déi Turbin, déi derbäikënnt, eng positiv Saach am grouesse Ganze wäert sinn. An ech soen, wéi gesot, nach eng Kéier alle Fraktiounen Merci fir d'Zoustëmmung zu deem Projet hei.

» M. le Président.- Ech soen dem Här Minister Wiseler Merci. Domadder si mer um Enn vun eisen Diskussiounen iwwert dee Projet de loi. Mir kommen elo zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5940 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Marcel Oberweis), Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener (par Mme Christine Doerner), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Ali Kaes), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Lucien Clement), Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Norbert Hauptert), MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Michel Wolter), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Romain Schneider), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Alex Bodry) et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Collette Flesch (par M. Eugène Berger), MM. Charles Goerens, Paul Helmingier (par M. Fernand Etgen), Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dat ass also esou décidéiert.

Mir kéimen dann elo zu deenen zwou Motiounen. Ech géif proposéieren, datt mer géifen ufänke mat der Motioun vum honorabelen Här Claude Meisch iwwert d'Transformatioun vun der ADEM. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert als Auteur vun der Motioun.

5. Motion de M. Claude Meisch relative à la transformation de l'ADEM en établissement public et à l'élaboration d'un projet de loi renforçant le rôle de l'ADEM dans le domaine de la formation des demandeurs d'emploi et définissant les droits des chômeurs en fonction de leurs efforts propres déployés en matière de recherche d'emploi

» M. Claude Meisch (*DP*), *auteur*.- Merci, Här President. Den 18. November 2008 hat ech bei enger Debatt iwwert d'Aarbechtslosegkeet hei zu Lëtzebuerg déi Motioun do déposéiert. Mir sinn elo den 23. Abrëll, ee Joer drop, en halleft Joer drop. Mir sti sechs Woche viru Chamberwahlen.

An där Motioun hei invitéieren ech effektiv d'Regierung fir a Richtung ze goe vun der Schafung vun engem Établissement public, fir d'Administration de l'emploi ëmzewandelen an en Établissement public. Mir wëssen awer och, datt mëttlerweil den Aarbechtsminister de Gesetzesprojet vun enger Reform vun der ADEM virgeluecht huet. Esou datt ech net gesinn, datt mer elo à ce stade nach sollen iwwert dës Motioun hei ofstëmmen.

All Partei wäert sech an hirem Wahlprogramm an deenen nächste sechs Wochen dozou expriméieren, an da muss de Wieler och kucken, wien en d'Vertraue gëtt, fir dann endlech zu där Reform vun der ADEM ze kommen, déi mer eigentlech scho vill méi laang hätte kënnen op d'Schinn setzen, mä wou mer leider gewaart hu bis wierklech de leschte Wupp an dëser Legislaturperiod, bis dann emol en Embryo vun engem Entworf vu Reform hei konnt déposéiert ginn.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Ech soen dem Här Meisch Merci. Domadder wär dës Motioun dann ewech vum Ordre du jour. Mir kéimen zu der nächster Motioun. Dat ass eng vum honorabelen Här Jean Huss iwwert de Weltdag géint d'Homophobie. Här Huss, Dir hutt d'Wuert als Auteur vun der Motioun.

6. Motion de M. Jean Huss relative à la participation à la Journée internationale contre l'homophobie avec campagnes d'information et de sensibilisation

» M. Jean Huss (*DÉI GRÉNG*), *auteur*.- Merci, Här President. Et geet bei dëser Motioun ëm den allgemenge Schutz vun de Mënscherechter, an dësem prezise Fall géint d'Diskriminéierung a géint d'ënnerdréckung vu Persounen mat anere sexuellen Orientéierungen, ob dat elo Homosexueller sinn, Lesben oder Transsexueller. Dat ass deen een Objet.

Den zweeten Objet ass da wou d'Regierung invitéiert gëtt, fir eng offiziell Unerkennung ze maachen, wat Lëtzebuerg ubelaangt, vun där Journée internationale contre l'homophobie.

Et muss ee wëssen, datt a praktesch sämtleche Mënscherechterklärunger et kloer gesot gëtt, datt et keng Diskriminatioun vun dëser Grupp vu Leit dierft ginn. Dat ass esou beispillsweis an der Charte européenne des droits fondamentaux am Artikel 21. Dat ass och esou am Artikel 11 vun der Mënscherechtskonvention vum Conseil de l'Europe. Dat ass schliesslech esou an enger Deklaratioun vum Dezember 2008 an der UNO, wou 55 Staten, dorënner och Lëtzebuerg, déi Deklaratioun signéiert hu géint déi Diskriminatioun vu Leit mat enger anerer sexueller Orientéierung.

Derniewent gëtt et och nach, wat d'Europaparlament, eng aner Institutioun ubelaangt, eng Resoloutioun vum Europaparlament vum 26. Abrëll 2007, déi sech ganz drastesch nennt géint jiddwer Diskriminatioun. Déi hate sech méi spezifesch géint d'Diskriminatiounen a Polen gewannt, wou d'Europaparlament mat grousser Majoritéit décidéiert huet, déi Journée internationale contre l'homophobie ze ënnerstëtzen.

Dat sinn alles also offiziell Texter, déi meeschtens och vu Lëtzebuerg ënnerstëtzt ginn. D'Realitéte sinn allerdéngs, souwuel hei bei eis an Europa wéi haaptsächlech an Osteuropa an op Weltplang, nach heiansdo vill méi schlëmm, ganz anerer. Et ass nämlech esou, datt d'Homophobie nach ëmmer leider relativ wäit verbreet ass an am Fong souguer an engem Land wéi Holland, engem Benelux-Stat, ass et ëmmer erëm an deene leschten een, zwee Joer zu Virfäll komm géint Leit, déi homosexuell waren.

Ech selwer hat d'Geleeënheet, am Conseil de l'Europe géint Virfäll ze protestéieren, wou beispillsweis a Russland, a Litauen an a Polen friddlech Manifestatiounen, déi sougenannten „gay prides“, verbuede gi sinn oder wou Kläpperorganisatiounen komm sinn, déi dann op friddlech Demonstranten dropgeklappt hunn, ouni datt d'Police intervenéiert ass.

Et gëtt nach méi schlëmm Situatiounen, wou Leit mat enger anerer sexueller Orientéierung ënnerdréckt ginn. An engem Land wéi dem Iran, beispillsweis, kënnen déi Leit nach an de Prisong kommen oder d'Doudesstrof kréien. Och an engem sougenannte fortschrëttleche Land beispillsweis wéi Kuba, wat jo sougenannt „fortschrëttlech“ genannt gëtt, och do hunn Homosexueller am Moment nach ëmmer net vill ze laachen.

Et gëtt also vill Situatiounen, wou déi Leit mat enger anerer sexueller Orientéierung, trotz all deene schéinen Texter, déi mer hunn, all deene Mënscherechtsdeklaratiounen, nach ëmmer diskriminéiert ginn.

Aus deem Grond ass et wichteg, an och aus deem Grond huet sech erginn, datt de 17. Mee an deene leschten dräi, véier, fënnef Joer sech entwéckelt huet zu engem internationalen Dag géint d'Homophobie, dee wéi gesot virdru schonn an enger Resoloutioun vum Europaparlament ënnerstëtzt ginn ass, deen och beispillsweis ënnerstëtzt ginn ass vu Länner wéi Kanada, dem Québec, vu Länner wéi der Belsch, Frankräich, England a Portugal.

Wat hei an dëser Resoloutioun gefuerdert gëtt, dat ass einfach och, datt Lëtzebuerg soll géint déi Diskriminéierung virgoen, andeem et deen internationalen Dag géint d'Homophobie géif unerkennen. Dat ass eng ënnerdréckte Minderheet an eiser Gesellschaft. A mir mengen, datt et einfach wichteg ass, datt een, och wann déi Unerkennung nëmmen e symboleschen Akt ass, datt et awer wichteg ass, datt d'Regierung vun engem Land dee symboleschen Akt géif maachen an déi Unerkennung vun deem internationalen Dag do géif ënnerstëtzen. Dat ass dat, wat den Inhalt vun dëser Motioun ass.

Merci.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Ech soen dem Auteur vun dëser Motioun Merci. Wie wëllt elo zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Angel, gesinn ech.

Discussion générale

» M. Marc Angel (*LSAP*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Motioun begreisse mir als LSAP, well se ënner anerem an de Considéranten eben drun erënnert, dass et Homophobie mat der Konsequenz verbal, kierperlech Gewalt an Aggressiounen nach ëmmer gëtt, manner zu Lëtzebuerg, wéi den Här Huss eis dat erkläert huet, mä nach a villen EU-Länner. Dës Motioun ass fir eis och e wichtige Rappel, dass de Respekt vun der sexueller Orientéierung vum Stat garantéiert a geschützt muss ginn.

De Kolleeg Muck Huss huet eis, wéi gesot, exzellent de Sënn an Zweck heivun erkläert. Ech ka mech senge Wieder nëmmen uschléissen.

D'Offhale vun esou enger Journée internationale contre l'homophobie dierf allerdéngs net nëmmen op enger Philosophie de victimisation opbauen. Ech mengen, si soll och d'Fortschrëtter vun der Akzeptanz an der Toleranz, déi vill homosexuell Fraen a Männer all Dag erliewen, och déi sollen ervirgestrach ginn.

Wat elo d'Ëmsetze vun där Motioun ugeet, wollt ech eng Remarque maachen. Ech mengen, ech huelen un, esou wéi ech d'Lët-

zebuerger kennen, eist Land kennen an och déi Chamber hei kennen, dass déi Motioun hei unanime ugehall gëtt, esou dass mer net müssen an der Chancëgläichheetskommisioun driwwer diskutéieren. Ech géif mengen, mir kënnen eng Kéier doriwwer schwätzen, dass dat hei eng Saach wär fir de Centre pour l'égalité de traitement, dee sech mat esou Froe soll ofginn.

Ech sinn och der Meenung, dëst Joer, mir sinn elo kuerz virum 17. Mee, dass et vläicht ze spéit ass fir dëst Joer, dass dat soll gutt preparéiert ginn an dann d'nächst Joer déi éischte Kéier gemaach soll ginn.

Ech wollt just drun erënneren, firwat et den Datum vum 17. Mee ass: Well de 17. Mee ass 1990, dat sinn eréischt 19 Joer hier, do huet d'Generalversammlung vun der Weltgesundheitsorganisatioun dee längst iwwerfälligen Exercice gemaach, andeem se d'Homosexualitéit vun der Lëscht vun de psychesche Krankheete gestrach huet. An doropshin ass dee 17. Mee zum Dag géint d'Homophobie ausgeruff ginn.

Also, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren an, wéi gesot, meng Fraktioun wäert déi Motioun hei matstëmmen.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Den Här Bettel huet d'Wuert.

» M. Xavier Bettel (*DP*).- Här President, ech wëll Iech och just soen, dass eis Fraktioun wäert dës Motioun stëmmen. Mir si frou, dass iwwert dës Sujet och diskutéiert gëtt, well wat a verschiddene Länner schéngt natierlech an normal ze sinn, ass an anere Länner net de Fall. An net wäit vun hei ewech ginn awer nach Homophobiesaken duerchgezunn. Ech wëll Iech just soen, dass mer och frou sinn an hei feststellen, dass d'Homosexuellefrëndlechkeet méi grouss ass kuerz virun de Wahle wéi no de Wahlen.

Ech soen Iech Merci.

» M. le Président.- Wëllt soss nach een d'Wuert zu där Motioun ergräifen? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Kann ech dervun ausgoen, datt déi Motioun à main levée ka gestëmmt ginn?

(Assentiment)

Da géif ech se à main levée zum Vote stellen.

Vote

Wien ass mat där Motioun d'accord?

Domadder wär déi Motioun à l'unanimité ugehall, well ech hu keng Géigestëmm gesinn.

Domadder wär dës Punkt ofgeschloss an als leschte Punkt vun eisem Ordre du jour hu mer de Projet de loi 5952 iwwert d'Kasär um Härebiere. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an et hu sech schonn ageschriwwen: déi Hären Etgen a Schneider, d'Madame Loschetter an den Här Henckes. An elo huet d'Wuert de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Ali Kaes. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

7. 5952 - Projet de loi relatif à la réhabilitation des infrastructures techniques primaires de la Caserne Grand-Duc Jean au Herrenberg à Diekirch

Rapport de la Commission des Travaux publics

» M. Ali Kaes (*CSV*), *rapporteur*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi, deen ech Iech haut presentéieren, ma deen huet och eppes mam Härebiere ze dinn, mä net mam Mumps um Härebiere, mä ass u sech en éischte Schratt fir d'Kasären ze renovéieren an ze moderniséieren.

D'Kasären, déi an engem ganz schlechten Zoustand sinn an déi a kenger Form méi eng Infrastruktur duerstellen, an där eis Arméi, déi mer jo duerch d'Reform vum 21. Dezember 2007 nei orientéiert hunn, sech